# Activitéiten 2021 vun der Asbl “Energie mat Verstand”

- **22.12.2020**

Fir eiser Biergerinitiativ no baussen eng Identitéit ze ginn, hu mir den 22. Dezember 2020 zu 12 Persounen eng Asbl mam Numm “Energie mat Verstand” gegrënnt, déi dann och am “Registre de commerce et des sociétés”enregistréiert gouf.

- **16.01.2021**

Mat engem Flyer, dee mir de 16. Januar 2021 an der ganzer Gemeng an zu Waarken ausgedro hunn, hu mir iwwert d’Grënnung vun der Asbl an iwwert eisen Internet Site www.energiematverstand.lu informéiert a gefrot eis z’ënnerstëtzen (duerch Member ginn oder duerch een Don).

- **01.02.2021**

An enger Informatiounsversammlung mam ganze Gemengerot zu Ierpeldeng am Schlass huet de Paul Heinen, Ingenieur aus der Gemeng Fëschbech, den 1. Februar seng Bedenken iwwert d’Wirtschaftlechkeet an den effektiven Notze vun de Wandmillen, ausgedréckt.

- **08.03.2021**

Den 08. Mäerz hu mir an engem Bréif un de Premier Xavier Bettel an d’Gesondheetsministesch Paulette Lenert ervirgehuewen, datt d’Etüden vum Site sech op al Normen baséieren, déi net konform sinn mat der technescher Entwécklung vun deenen neie Wandmille vun haut. An duerfir kënnen déi Etüden eis Haaptbedenken, de gesondheetlechen negativen Impakt, net aus dem Wee raumen. Mir fuerderen de ‘Principe de précaution’ z’applizéieren an domat de Site viru Bierden z’annuléieren.

- **14.04.2021**

De 14. Abrëll hu mir d’Ministesch Carole Dieschbourg schrëftlech gefrot, fir ee Rendez-vous an hirem Ministère, fir iwwert eis Doleancen a Virschléi ze schwätzen.

- **15.04.2021**

Eisen 2. Flyer, dee mir de 15. Abrëll an der ganzer Gemeng ausdeelen, zielt op wat mir bis elo gemaach a wat mir nach wëlles hunn.

- **19.04.2021**

Mir stellen den 19. Abrëll e Panneau “Nee Merci ! Eis Gesondheet geet vir !” laanscht d’Haaptstrooss, wou et an al Bierden rageet, gutt sichtbar op.

- **21.04.2021**

Bei der Entrevue mat engem Affekot, den 21. Abrëll, wëlle mir eis informéieren, wat juristesch Demarche kënne sinn.

- **22.04.2021**

D'Actioun Ballon, den 22. Abrëll: Mir wëllen ee mat Helium gefëllte Ballon 230 m opsteige loossen, fir d'Héicht vun der geplangter Wandmillen ze visualiséieren. Leider wor d'Wieder eis net favorabel an de Ballon ass knapps 100 m ropgaangen. Dat gong awer duer fir d'Zuschauer staunen ze loossen.
Televisioune vun RTL an Nordliicht woren op der Plaz. D'Reportage fannt dir op eisem Site. De Reportage vu Nordliicht erkläert ganz gutt wat d'Bedenken an d'Problemer vu sou enger riseger Wandmillen sou no bei den Awunner vu Bierden sinn.

- **05.05.2021**

Bei der Info Versammlung fir jiddereen hei an 'A Maesch', déi de 5. Mee war, hu mir erkläert :

  - firwat mir d'Asbl gegrënnt hunn,
  - wat mir bis elo ënnerholl an erreecht hunn, fir de Projet ze verhënneren
  - wat mir nach plangen ze maachen.

Et gouf interessant Aussoen tëscht dem interesséierte Publikum an de Gemenge Vertrieder.

- **20.05.2021**

E mëndlechen Echange hate mir den 20. Mee mat 2 engagéierten Awunner aus der Gemeng Bieckerech, déi sech iwwer eise geplangte Wandmille-Projet an eis Argumenter dergeent, informéiere komm sinn.

- **25.05.2021**

Dann hate mir den 25. Mee Kontakt mat Natur&Ëmwelt. Mir hu Milanen an der Ëmgéigend vun dem geplangte Site fléie gesinn an Näschter am Bësch ronderëm fonnt. Natur&Ëmwelt hu selwer een Inventar iwwert d'Gräifvullen, eis Feststellungen awer konnte si aus confidentielle Grënn net confirméieren.

- **14.07.2021**

D'Firma SOLER, d'Bedreiwerfirma vun der geplangter Wandmillen, huet eng Versammlung zesumme mat eiser Asbl gefrot, déi dann de 14. Juli hei an 'A Maesch' wor.

- **26.07.2021**

Mir hunn eng Entrevue mam Ierpeldenger Schäfferot gefrot wou mir de 26. Juli

matdeelen, iwwer wat mir mat SOLER geschwat hunn. Eis ass eis ganz wichteg d'Vertrieder vun eiser Gemeng, déi eis ënnerstëtzen, um Lafenden ze halen.

- **24.08.2021**

De 24. August gouf zu Ettelbréck en 'Avis Commodo/Incommodo' iwwert d'Autorisatioun vum Aarbechtsministère, fir däerfen d'Wandmillen opzeriichten, ausgehaang.

- **21.09.2021**

Iwwert een Affekote-Bureau maache mir den 21. September e 'Recours gracieux' géint dës Geneemegung vum Aarbechtsministère un d' 'Wandpark Nordenergie S.A.', fir d'Opriichten vun der Wandmillen op de Site viru Bierden.

- **23.09.2021**

Den Ierpeldenger Schäfferot hat sech eng Entrevue bei der Ministesch Carole Dieschbourg gefrot. Den 23. September huet de Schäfferot eis Informatiounen iwwert d'Gespréich dat si e puer Deeg virdrun mat der Ministesch Carole Dieschbourg haten, matgedeelt.

- **20.10.2021**

D'Reunioun mat der Ministesch Carole Dieschbourg mat Vertrieder vun eiser Asbl huet den 20. Oktober an hirem Ministère stattfonnt.
Hir Äntwert op eis Ausféierungen, wou mir och dee vun eiser Gemeng proposéierten alternative Site ugeschwat hunn, wor : D'Ministesch wëllt op alle Fall **eng** Wandmillen opriichte loossen.
Déi 3 Gemengen Dikrech, Ettelbréck an Ierpeldeng un der Sauer solle sech eens ginn, et wär eng politesch Decisioun wou d'Wandmillen hikënnt.

- **06.12.2021**

Et ass eis wichteg, dat all eis Gemengepäpp um aktuelle Stand vun eisen Démarchen sinn.
Duerfir hu mir de 6. Dezember ee Bericht iwwert d'Entrevue mat der Ministesch un all Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot vun Ierpeldeng un der Sauer gescheckt.
E Resumé vum Bericht fannt dir op eisem Site.

Ausserdeem hat eise Comité nach 16 Reuniounen, wouvun eng Rei iwwert Zoom stattfonnt hunn.